



Eltereschoul J. Korczak
Fondation Kannerschlass
Tél. 59 59 59 59
eltereschoul@kannerschlass.lu
www.kannerschlass.lu

21 octobre 2020

Eltereschoul Doheem #13

Chers parents,

Accompagner son enfant à grandir et à s'épanouir, nécessite un ajustement permanent entre protection, limites nécessaires et liberté d'expérimenter. Dans cette édition de sa lettre aux parents, l'Ecole des Parents s'intéresse au thème des règles dans l'éducation.

Grandir avec des limites et des repères !

Pour construire sa personnalité et apprendre à vivre avec les autres, un enfant a besoin du soutien bienveillant des adultes. Mais aussi de règles et de limites. Toutefois, combien de règles faut-il en famille et surtout, comment les établir ?

- Les règles assurent avant tout la protection de l'enfant, mais lui permettent aussi d'être rassuré et de distinguer ce qui est autorisé ou non. Attention, en tant que parent, vous jouez un rôle important, celui du modèle éducatif.
- Un enfant intègre plus facilement des messages clairs, formulés d'avance et de façon positive.
- Les règles doivent évoluer avec l'âge, les compétences et les besoins d'un enfant.
- Cependant, un enfant a aussi besoin de libertés pour grandir. Trop de règles risquent de l'étouffer, il est mieux de se limiter à quelques règles essentielles.
- Il est évident que la colère, la frustration et le désaccord sont des émotions très intenses que l'enfant peut vivre face à ces limites. Si vous parvenez à cadrer ses réactions sans les juger, votre enfant acceptera plus facilement les règles imposées.
- Si la situation est vécue comme difficile, n'hésitez pas à en parler à un autre membre de la famille, un ami ou un professionnel. Un avis de l'extérieur peut souvent dénouer les tensions et permettre de trouver des chemins alternatifs.

L'Ecole des Parents organise un workshop **en ligne** sur le thème „**Règles et limites dans l'éducation de nos enfants** » (FR) en date **du 2 décembre à 18h00**. Ce séminaire sera animé par Carole Jaas, pédagogue curative.

L'inscription au séminaire se fait par email à l'adresse:

eltereschoul@kannerschlass.lu

Date limite d'inscription : 26 novembre 2020

L'Equipe de l'Ecole des Parents





Eltereschoul J. Korczak
Fondation Kannerschlass
Tél. 59 59 59 59
eltereschoul@kannerschlass.lu
www.kannerschlass.lu

21. Oktober 2020

Eltereschoul Doheem #13

Léif Elteren,

E Kand ze begleede beim Grouss ginn erfuerdert eng permanent Upassung tëscht Schutz, néidege Grenzen an der Fräiheet ze experimentéieren. An dësem Elterebréif beschäftege mir eis mat dem Thema vun de Reegelen a Grenzen an der Erzéiung!

Reegelen a Grenzen am Alldag mat eise Kanner!

Fir sech gutt ze entwéckelen an ze léiere mat aneren ze liewen, brauch e Kand eng léif a waarmhärzeg Ënnerstëtzung vun engem Erwuessenen. Mee awer och Reegelen a Grenzen. Just, wéi vill Reegele sinn néideg an enger Famill a wéi dës ëmsetzen?

- Reegele schützen e Kand, ginn him Sécherheet an hëllefen him ze ënnerscheiden, wat erlaabt ass a wat net. D'Kanner léiere vun hiren Elteren, déi esou eng wichteg Funktioun als Modell hunn.
- E Kand versteet an hält besser kloer Messagen un, déi am virus an op eng positiv Manéier formuléiert sinn.
- Reegele sollen ugepasst ginn un den Alter vum Kand, seng Fäegkeeten a seng Bedierfnesser.
- E Kand brauch awer och Fräiheete fir sech ze entwéckelen. Ze vill Reegelen iwwerfuere seier an dofir ass et gutt sech op e puer wesentlech Reegelen ze konzentréieren.
- Roserei a Frustratioun si ganz intensiv Emotiounen, déi duerch Reegelen a Grenzen beim Kand ausgeléist kënnen ginn. Wann Eltere Wieder, déi net jugéieren, op dës Emotiounen setzen, fillt sech d'Kand verstanen an d'Reegel gëtt méi einfach akzeptéiert.
- Wann Dir Hëllef braucht, zéckt net mat engem anere Familljemember, engem Frënd oder Professionellen iwwert d'Situatioun ze schwätzen. Iddie vu bausse kënnen heiansdo d'Spannungen léisen a nei Weeër weisen.

D'Eltereschoul organiséiert **den 2. Dezember 2020 um 18:00 Auer** en **Online-Workshop** zum Thema **Règles et limites dans l'éducation de nos enfants (FR)**. Dësen Owend gëtt animéiert vum Carole Jaas, pédagogue curative.

Aschreiwung iwwert eltereschoul@kannerschlass.lu bis den 26. November 2020

D'Equipe vun der Eltereschoul

